ELDR MANIFEST FIR D'EUROPÄESCH WALEN 2009

Ugeholl op dem Congrès vu Stockholm, am 31. October 2008

TOP 15 VUN DEN EUROPÄESCH LIBERALEN FIR D'EP WALEN

Zënter 60 Joeren hunn d'Liberalen an der Europäescher Union fir de Fridden, d'Unitéit an d'Prospéritéit gewierkt. Mir versichen dëst Saachen ze erreechen: eng méi kapabel an demokratesch Unioun, d'Réalisatioun vun engem eenzegen Maart, eng méi sécher Ëmwelt, d'Promotioun vun den Zivilfräiheet an den Grondrechter. Mir wëllen eng Unioun, déi Initiativen fir d'Défien am Beräich vun der Wëltsécherheet hëlt, awer och fir d'international Finanzkris an d'Konsequenzen ze handelen. D'Unioun soll moderniséiert a verstäerkt ginn, no den Wäert an d'Prinzipen vun der liberaler Demokratie an d'fräi Maartwirtschaft.

D'Liberalen sinn den drëtten gréissten Groupe am Europäeschen Parlament a maachen oft d'Differenz op den gesetzleschen a politeschen Pläng.

D'ELDR denkt, dat den Traité de Lisbonne ugeholl muss sinn a verlaangt seng Applicatioun. Den Traité réforméiert vill d'Institutiounen vun der Europäesch Unioun, verbessert d'Transparenz, verstäerkt hiren demokratesch Karakter an riicht d'EU mat den néideg Instrumenter fir d'Weltdéfien vun haut an. Déi Europäesch Liberalen Demokraten verlaangen EU Memberstaaten sech fir Methoden fir seng Applikatioun mateneen eens ze ginn.

Zivilfräiheeten

D'Zivilfräiheeten an de Fridden sinn d'Basen fir eng liberal Europa.

1. D'ELDR verlaangt de Respect vun all Grondfräiheeten an der EU, besonneg d'Pressefräiheet, d'Meenungsfräiheet, d'Associatounsfräheet, d'Reliounsfräiheet, d'Possessiounsfräiheet an d'Garantie vun de Rechter vun den Minoritéiten an d'Rechter vun d'Individuen fir hiren privaten Liewen and fir de Schütz vun hiren perséinlech Informatiounen an hir Dignitéit.
2. D'ELDR wëll dat d'EU eng Plaz vu Fräiheet, Sécherheet an Justice ass a verlaangt eng méi staark Cooperatioun tëschent d'Polizei an déi rechtlech Servicen, sou dat si géint d'grenziwwerschreidend Kriminalitéit, de Terrorismus an d'Korruptioun besser kämpfen. Ënner allen Emstänn mussen d'procédural Grondrechter vun de Verdächtegen respektéiert sinn.

EU Enheetsmaart, Wuesstem an Aarbecht

Eng Grenziwwerschreidend Kompetitioun, den Deel vu der Connaissance, de fräie Maart fir Gutt a Servicen sinn wichteg fir d'Erhéijung vun der international wirtschaftlech Kompétitivéit vun der Europäesch Unioun.

3. D'ELDR ennerstëtzt d'Notioun vun enger "fënneft Fräiheet" – déi fräi Bewegung vun der Connaissance, abegraff eng méi grouss Mobilitéit vun de Studenten, Universitairen a Chercheuren – tëschent Staatsmemberen, fir d'Inventiounen an d'Entdeckungen z'encouragéiren. D'ELDR verlaangt en eenzegen Maart fir d'intellektuell Propriétéit.
4. D'ELDR denkt, dat eng kompetitiv europäesch geschäftlech Ëmwelt essentiel ass, fir a héichen méiglechen Liewensstandard fir d'Europäesch Bierger ze erreechen a fir EU Standarden weltwäit z'encouragéiren. Den eenzegen Maart muss verstäerkt ginn an am Beräich Energie, Postservicen, finanz Servicen, Eisbunnen a medezinesch Soinen ausgebreet, a parallel muss hien de fräie Verkéier vun den Servicen a vun den Aarbechter, abegraff eng besser mutuell Erkennung vun den Qualifikatiounen, vereinfachen. An der OMC soll d'EU déi dreiwend Kraaft sinn vun der Abolitioun vun der Douane-Steier an dem net-tariflechen Barrièren, an och fir eng Ouverture vun den europäeschen eenzegt Maart weltwäit.
5. D'ELDR behaapt, dat en nohaltegen Wuesstem, d'Indépendance vun der Banque Centrale Européenne a vun den national Zentralbanken, esou wéi eng gudd Steierpolitik no den Kriteren vu Maastricht, nogemaacht vun all Staatsmemeberen - inklusiv déi déi elo d'Euro hunn – bleift essentiel fir d'Prospéritéit an d'Wuelfillen. Nêmmen eng wirklech kompetitv Europa, déi Aarbecht an Opportunitéiten fir jiddereen kreéiert, wäerd d'social Dimensioun vum eenzegen Maart ennerstëtzen.
6. D'ELDR wëllkommt d'Schrëtt, déi den finanz System reforméieren a betount, dat déi sech op enger besser Regulatioun baséieren mussen, zesummen mat enger gudder Duerchféierung vun der Surveillance. Eng wichteg Garantie fir d'Prospéritéit läit an der héicher personnell Responsbilitéit vun allen Participanten op den Maart. De Réckwee vun Politiken vun Nationalisatioun, mat vill Regulatiounen a Protektionismus wär e grousse Feeler. D'ELDR ënnerstëtzt eng verstäerkt international Cooperatioung teschënt d'Legislateuren an eng Verstäerkung vun den internationalen Standarden an denkt, dat en réforméierten FMI kéint eng Haaptroll an dësem Beräich spillen, fir eng zoukënfteg Finanzkris ze verhënneren.
7. D'ELDR ënnerstëtzt d'Introduktioun an der EU vun engem "blue card" System, deen bei jidder Staatsmember verwaltet gëtt, fir eng ausgemoosst wirtschaftlech Migratioun zugonschte vun der EU Bierger. ze versécheren.

Ëmweltpolitik an Energiepolitik

Den eenzegen Défi vum Klimachangement a vun der energesch Sécherheet verlaangt eng vereenegt Aktioun iwwerall an Europa. Europa muss eng Wirtschaft mat wéineg Kuel ginn, dat d'Welt fiert am Wee vun der Conservatioun, vun den erneibaren Energie a vun den kreativen Maartinstrumenten, an esou d'Kréatioun vun nei Aarbeschtplazen ze versécheren.

8. D'ELDR ënnersträicht, dat am EU Klimapackage, d'Geschäft braucht eng Reduktioun vu den administrativ Aarbecht an Ënnerstëtzung fir Investitiounen an

Techniquen, mat deenen et méiglech ass, eng Wirtschaft mat wirklech net vill Kuel ze kréien. D'ELDR wëllt Investitounen fir d'Technologien, déi Solutiounen, Wierksamkeet an eng méi grouss Sécherheet vu der Energieversuergung ginn.

9. D'ELDR wëllt d'Energienindustrien trennen, fir d'Transparenz ze versécheren an den Verbraucher hir Interessen ze déngen, awer och de Klima an Energiepolitik baséiert op en nohaltegen wirtschaftlech Wuesstum ze intégréieren, an och nach d'Naturëmwelt ze schützen, dat alles fir en weltwäiten Leadership auszeüben.
10. D'ELDR ënnerstëtzt aktiv eng éiergäizeg Reform vun der Politique Agricole Commune an engem multilateralen Kader (OMC). Dëst Reform erlaabt d'europäesch Baueren am fräien Weltmaart kompetitiv ze sinn, besser d'Erhéijung vun der weltwäiter Demande fir Ernärung an enger ëmweltlech responsabel Aart a Weis ze treffen, d'Investitioun fir erneibaren Energien ze dirigéiren, zesummen mat nohalteg Biobenzinen nei Generatioun an d'Versuegung vun den Liewensmëttel ze versécheren. D'ELDR ënnerstëtzen eng stänneg Reduktiounen vum Budget vun der PAC no 2013.

Politiken an den Beräichen Erweiderung, Ausland, Sécherheet an Défense

An enger globaliséiert Welt kann keen EU Land un d'Geforen an d'Défien vun haut alleng wierken: d'Gestioun vun den militaresch an den Zivilkrisen, d'Versécherung vun der Energienvergsuergung an dem international Geschäft, d'Control vun den Waffen an der Ofrëtschung, de Kampf géint den Terrorismus, den organiséierten Crime, de Klimachangement, d'Aarmséilegkeet an d'Violatioun vun de Mënscherechter. D'EU Bierger wëllen, dat d"EU a hirt Staatsmemberen zesumme bleiwen, zesumme wierken an eng wierksam Roll an den Wëltaffairen spillt.

11. No der Meenung vun den ELDR hat den Erweiderungsprozess Succès an d'ELDR ënnerstëtzt d'Anhalen vun den Verflichtungen, déi et fir d'Erweiderung vun der EU gëtt an déi fir d'Länner sinn, déi d'Kriteren vu Copenhagen iwwert de Bäitrëtt an d'EU, inklusiv d'Integratiounscapacitéit als eng wichteg Consideratioun, erfëllen.
12. D'ELDR denkt, d'EU misst eng Haaptroll spillen, andeems si zu d'Weltsécherheet wierksam bäidrot, an dat, mat enger gudder Cooperatioun mat den NATO Structuren. Dofir froe mir nei wichteg Efforten fir d'Verstäerkung an d'Extensioun vun der Politik iwwert d'Europäesch Sécherheet an Défense, andeem d' Ressourcen an d' Capacitéiten am Beräich vun der europäesch Défense zesummegebruecht sinn. Dat kéint d'EU Cooperatioun fir d'militaresch Défense, esou wéi d'Réceptivitéit fir international Sécherheet a humunaitär Noutfäll.
13. ELDR denkt, d'Interessen vun de EU Staatsmemberen kënnen am beschten duerch eng vereent Auslands- a Sécherheetspolitik gedéngt ginn, a wann si an enger Stëmm duerch den Haut Représentant fir d'Auslands- a Sécherheetspolitik schwätzen.
14. ELDR ënnersträicht dat d'EU miss hirt Gestiounscapacitéiten vun Zivilkrisen méi verstäerken an hir Experienz benotzen, fir d'Stabilitéit ze garantéiren. awer och d'Rechtregel an d'Prinzipen vu gudd Regierung an Länner, wou et Sträitssituatioun gouf oder gëtt.
15. ELDR übt Drock op d'EU aus, fir hir Experienz am Beräich vun der Institounsreconstructioun an der Natiounsreconstructioun no Konfliten besser ze benotzen a méi ze vergréissen, fir besser virbereeden sinn fir d'Handelung vun de Situatiounen vun regional Instabilitéit, vun Terrorismusgeforen vun den dekadent Staaten an och vun humanitär Noutfäll.